CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2007

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
15 JUIN 2007
Q 1787

Här Lucien Weiler
President vun der Chamber
Lëtzebuerg

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Ufro un den Här Innenminister weider ze leeden:

D'Pompjeëswiesen hei ze Lëtzebuerg huet eng laang Traditioun. Fir de lëtzbuerger Bierger och en Abléck an d'Geschicht vun de Pompjeeën ze ginn versichen d'Pompjeeën zënter Joren e Gebai ze fannen, fir e Musée anzeriichten. An dësem Musée kéinten „antik" Gefierer an Equipementer ausgestallt ginn, déi de Moment nach gréisstendeels op net geechent Plazen ënnerbruecht sinn (Garagen, Scheieren etc...)

Bis elo awer konnt der Pompjeësfederatioun nach keen adäquat Gebai zur Verfügung gestallt ginn.

Well ech et awer wichteg fannen, dat d'Pompjeeën, déi hiren wichtegen Déngscht fir Allgemengheet haaptsächlech op benevoler Basis verriichten, och iwwer esou eng Muséesinfrastruktur verfügen missten, giff ech dem Här Minister gäre folgend Froen stellen:

1. Wat hält Dir vun der Iddi vun engem Pompjeësmusée, an dem d'Geschicht vum Pompjeëswiesen op eng adäquat Art a Weis kéint dokumentéiert ginn, a misst een dëst Initiativ net ënnerstëtzen?

2. Wier et och virstellbar e Musée ze realiséieren deen z.B.: d'Pompjeeën, d'Police an ëffentlechen Transport kombinéiert?

3. Wier den Här Minister eventuell bereet de Plang vun engem Musée finanziell ze ënnerstëtzen?

4. Gëtt et schonns Iddien oder esouguer e Zäitplang wéi a wéini esou e Projet kéint realiséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten